ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, un den Här Minister fir Kooperatioun an un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

Zanter 2003 ass d'lëtzebuerger Arméi am Afghanistan engagéiert, dëst am Kader vun der ISAF an der Missioun „Resolute Support" ënner de Mandater vun der UNO an der NATO. Nieft der Militärpräsenz dréit Lëtzebuerg och nach am Kader vun der Entwécklungshëllef zum Neesopbau an der Stabiliséierung vum Afghanistan bäi.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1) *Wéi vill bilateral a multilateral Hëllef huet Afghanistan vu Lëtzebuerg zanter 2001 kritt? Wéi eng Mëttele goufe fir wéi eng Zwecker benotzt? Wéi ass kontrolléiert ginn, respektiv wéi gëtt kontrolléiert, ob déi Mëttelen och fir den Zweck benotzt gi fir den se geduecht waren?*
2) *Wéi vill Membere vun der Arméi ware bis elo am Afghanistan engagéiert? Wéi eng Erfahrungen huet d'Arméi aus dem Engagement gezunn, souwuel um personelle wéi um materielle Plang?*
3) *Ginn et aktuell Iwwerleeungen, wéini d'Missioune vun der lëtzebuerger Arméi am Afghanistan op en Enn kommen?*
4) *Wéi eng diplomatesch Beméiunge gëtt et am Abléck fir Afghanistan, déi Lëtzebuerg direkt oder indirekt ënnerstëtzt?*
5) *Ginn zu Lëtzebuerg illegal Drogen aus dem Afghanistan verkaf oder konsuméiert? Wéi eng Roll spillt dat Land am Beräich vum Handel a vum Konsum vun illegalen Drogen hei am Land?*
6) *Wéi entwéckelt sech d'Zuel vun den Afghanen hei am Land zënter 2001? Wéi vill legal Immigratioun gëtt et, wéi vill Demanden op Asyl respektiv internationale Schutz goufe gestallt a mat wéi engem Resultat? Wéi ass d'Positioun vun der Regierung wat d'Réckféierung vu Persounen aus dem Afghanistan ugeet?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten